Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 03/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

U mech ass een Fall eru gedroen ginn, vun engem Här deen säit leschtem Joer eng Saisie laafen huet, wéinst enger Steierschold duerch eng Failite vun senger aler Entreprise vun 1995.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Justizministesch gewëllt, fir d'Tranche vum Barème, no deem d'Taux'en vun der Saisie gestaffelt sinn, an noer Zukunft unzepassen, vue dass d'Inflatioun säit 2016 ëm ronn 15% geklommen ass an de Barème dësem Fait keng Rechnung dréit?
2. Wéi steet d'Madamm Ministesch zu enger automatiséierter Indexéierung vum Barème gebonnen un d'Inflatioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député